PIRATEN

Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
02 AVR. 2019
590

Lëtzebuerg, den 02/04/2019

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Justiz weiderzeleeden.

An der Äntwert op d'parlamentaresch Fro N° 3921 vum honorabelen Deputéierte Léon Gloden huet den Här Justizminister geäntwert, datt en Automatismus vun enger Iwwerstellung vun net-Residenten d'Rechter vun eventuellen Zivilparteie kéint schiedegen. Gläichzäiteg huet de Prisong zu Schraasseg fir 2017 eng Auslaaschtung vun 103,35% affichéiert (also 20 Persoune méi wéi theoretesch méiglech).

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

- Bei wéi vill vun den zu Schraasseg inhaftéierten handelt et sech – opgeschlësselt no Hierkonftsland – em net-Residenten?
- Bei wéi vill vun dëse Persoune bestinn Obligatioune vis-à-vis vun Zivilparteien?
- Bei wéi vill vun den Detenuen, déi net-Resident sinn an och keng Obligatioune vis-à-vis vun Zivilparteien hunn, besti Méiglechkeeten, hir Strof ënnert Applikatioun vum Gesetz vum 28. Februar 2011, dem Gesetz vum 12. Abrëll 2015 oder der Konventioun vum Europarot vum 21. Mäerz 1983, an hirem Heemechtsland z'exekutéieren?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Dossier suivi par Christian Alff
Service des séances plénières et secrétariat général
Tél : 466.966.223
Fax : 466.966.210
e-mail : calff@chd.lu

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec le Parlement
Luxembourg

Luxembourg, le 02 avril 2019

Objet : Question parlementaire n° 590 du 02.04.2019 de Monsieur le Député Sven Clement - Détenus à Schrassig

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer par la présente la question parlementaire sous objet.

Je vous prie de bien vouloir me faire parvenir la réponse du Gouvernement dans le délai d'un mois afin que je puisse la faire publier avec la question au compte rendu.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments les plus distingués.

Fernand Etgen
Président de la Chambre des Députés